# Rapport définitif: Commission des sports et des loisirs de la commune de Walferdange

## 19. November 2025 um 18.30 Auer am Centre Prince Henri

**Présents** : Romain Breuer , Alain Weins, Martine Gortan-Thill, Gigo Lamesch, Guy Urbany, Misch Feidt, Christian Bour, Tom Baumert, Théo Thill, Ricardo Baptista, Edmée Schmit-Streff

**Excusés**: Gerd Fritzsch (ersaat duerch E. Schmit-Streff), Riad Bahema (ersaat duerch den Theo Thill), Stéphane Bertoncini, Caroline Schloesser.

## Dagesuerdnung: Subside fir d'Sportsveräiner fir d'Saison 2024/2025

### Oflaf:

- Begréissung duerch de President
- De President mëscht e kuerze **Réckbléck op d'Feierlechkeete vun 175 Joer Walfer**, wou d'Veräiner sech um Catering wärend de Feierlechkeete bedeelege konnten. Fir dës Bedeelegung ass de Boni vum Catering a Form vu Subside extraordinaire ënnert de Veräiner, proportionell zu de geleeschte Stonnen, opgedeelt ginn. 17 Walfer Veräiner hu matgemaach, dovu waren 10 Sportsveräiner. De Catering Boni vum Dag waren 33 694,00 €, déi 10 Sportsveräiner hunn dovu 26 515, 47€ kritt fir am Ganze 614 geleeschte Stonnen. D'Opdeelung war:
  - FC Résidence: 11 474,91
  - Karaté Walfer: 3 371,16
  - Cricket Club: 3 068,62
  - Volleyball Walfer: 2 614,81
  - Rugby de Renert: 1 555,92
  - Yoseikan: 1 555,92
  - Badminton Walfer: 1 188,55
  - Walfer Huesen: 1 037,28
  - BBC Résidence: 388,98
  - Fine Flèche: 259,32

- **Subsiden 2024-2025:** De President presentéiert den ‚Tableau de distribution‘ a gëtt e puer Erklärungen, duerno Diskussioun:
  - All Clibb hu méi Lizenze wéi d'lescht Joer.
  - D'Veräiner, déi bei den 175 Joer Walfer e Subside extraordinaire kruten, kréie fir dës Aktivitéit net nach extra Punkten. Ausnahm ass de Basket, deen zousätzlech eng Streetball Aktivitéit hat, wat beim Catering jo net ugerechent ginn ass. Den Tennis kritt och seng Punkten, well si beim Catering net dobäi waren (also keng Recetten haten) mee awer beim Cortège vertruede waren.
  - De Cricket hat d'Bicherdeeg als Aktivitéit opgeschriwwen, wou si mat engem Food Truck present waren. Mee well si jo do d'Recette kréien, gëtt et dofir an der selwechter Logik wéi bei 175 Joer Walfer keng zousätzlech Punkten.
  - Diskussioun: Bal all Veräiner si beim 'Subside jeunes' um Plafong vu 5000,00€ ukomm. D'Fro ass dunn opkomm, op op déi Manéier d'Jugendaarbecht genuch valoriséiert gëtt, wa bal jiddereen déi ‚Flatrate' kritt. E Virschlag, fir de Subside ordinaire ze kierzen an déi Suen bei de Subside jeunes ze transferéieren ass net zréckgehale ginn. De President huet och betount, dass d'Jugendlizenzen net aus der Berechnung vum Subside ordinaire erausgeholl sinn, mee dass d'Veräiner do och nach emol Geld fir hir jonk Membere kréien.
  - Wéi all Joer kréien d'Sportsclibb zur Kontroll no der Kommissioun e PDF mat der Tabell, wou si gesi wat zréckgehal ginn ass vun der Demande a wat net. Da kann nach jidderee reklaméiere wann eppes falsch verstan oder gerechent ginn ass. Si hunn dann Zäit bis de 27.11. fir Verbesserungen eranzeginn. D'Subside ginn de 5. Dezember am Gemengerot gestëmmt.
  - **D'Accord unanime fir dem President säin Tableau fir d' Subsiden 2024 – 2025.**
  - Well d'Lizenze vun de Sportsveräiner all Joer klammen, ass de Virschlag fir dem Schäfferot ze proposéiere fir 100 000,00€ am Budget 2026 virzegesinn.
  - **D' Rechnungstabelle fir déi eenzel Veräiner souwéi den Tableau récapitulatif sinn an der Annexe vum Rapport.**

Fir d' Sportskommissioun,

Romain Breuer
President

Edmée Schmit-Streff
Secrétaire ff.